N°4512
Entrée le 21.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op eis parlamentaresch Fro N°3506 ënnersträichen den Här Premierminister an d'Madamm Ministesch d'Wichtegkeet vum Uleeën vu strategesche Liewensmëttelreserven fir d'Preparatioun op Krisen an den Opbau vun der nationaler Resilienz. Als Beweis dofir, wéi wichteg se den Opbau vu strategesche Liewensmëttelreserve hellt, verweist se och op d'National Resilienzstrategie.

Am Dokument ginn ënner anerem d'Produktioun, d'Transformatioun an d'Verdeelung vu Liewensmëttel behandelt. Eng fundamental Viraussetzung vun der landwirtschaftlecher Produktioun – d'Disponibilitéit vu Geseems – gëtt dobäi awer net explizitt thematiséiert.

Dobäi handelt et sech bei Geseems ëm eng essenziell Grondressource, ouni déi weder eng landwirtschaftlech Produktioun nach eng nohalteg Versuergungssécherheet méiglech ass. Eng staark Onofhängegkeet vum Ausland an dësem Beräich kéint am Krisefall eng potenziell Schwaachstell duerstellen.

An deem Kontext géinge mir der Regierung follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung d'Roll vum Geseems als strategesch Ressource am Kader vun der nationaler Resilienz a Versuergungssécherheet?
- Aus wéi enge Grënn gëtt d'Thema Geseems net explizitt an der „Stratégie nationale de résilience" behandelt?
- Verfüügt Lëtzebuerg aktuell iwwer strategesch Reserven u Geseems?
  - Wann jo, fir wéi eng Kulturen a fir wéi eng Dauer?
  - Wann nee, ass geplangt, esou Reserven opzebauen?
- Wéi grouss ass d'Ofhängegkeet vu Lëtzebuerg vum Import vu Geseems, opgedeelt no de wichtegste Kulturen?
- Wéi laang kéint d'landwirtschaftlech Produktioun zu Lëtzebuerg ouni Zougang zu importéiertem Geseems oprechterhale ginn?
- Gesäit d'Regierung d'Noutwendegkeet, d'national Kapazitéiten an der Produktioun oder Vermeere vu Geseems ze stäerken?


Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

- Ginn et aktuell Initiativen oder Pläng, fir déi lokal oder regional Geseems-Produktioun auszebauen, bezéiungsweis d'Landwirtschaft beim eegene Geseemsopbau ze ënnerstëtzen, an/oder robust, lokal ugepassten Zorten ze fërderen?
- Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Disponibilitéit vu Geseems en integralen Deel vun der nationaler Resilienzstrategie soll sinn?
    - Wa jo, wéi soll dës konkret ëmgesat ginn?
    - Wann nee, firwat net?
- Wéi eng Roll gesäit d'Regierung fir Lëtzebuerg am europäesche Kontext, wat d'Sécherung vu landwirtschaftleche Grondressourcen – dorënner Geseems – ugeet?

Mat déiwem Respekt

Liz Braz
Députée

Claire Delcourt
Députée

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu